
NATUR
SCHOUL
Lasauvage

**Naturschoul Lasauvage – Newsletter fir d'Kanner vum 4. Mee 2020**

## Waaaat? Nach eng Kéier? : D'Naturschoul op Youtube



Gitt op Youtube eise véierte Film kucken :  De Laurent an de Roby beim Weier

Hei de Link:

https://www.youtube.com/watch?v=Mp7ovEqlOxU

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

*Schéckt eis eng Foto oder ee Scan vun den Äntwerten op nature.lasauvage@ecole.lu a mat e bësse Chance gitt der ausgeloust a gewannt 1 Glas Hunneg, ee Buch iwwert d'Natur an ee wonnerschéine Pouster.*

1. *Wéi heeschen d'Larve vun de Fräschen op Lëtzebuergesch?*
    - *Fräschebébéën*
    - *Kauzekäpp*
    - *Laurent a Roby*
2. *Wat ass "Fräscheläich"?*
    - *Dat sinn doudeg Fräschen.*
    - *Dat sinn d'Eeër vun de Fräschen.*
    - *Dat ass d'Fudder vun de Fräschen.*
3. *Firwat huet de Fräsch kee Schwanz méi?*
    - *E gëtt ëmmer méi kleng, bis e fort ass, wann de Fräsch grouss ass.*
    - *E fällt of, wann de Fräsch grouss ass.*
    - *E gëtt vum Fräsch senger Mamm ofgebass.*
4. *Wat gesäis de, wann s de vun uewen erof op ee Rückenschwimmer am Waasser kucks?*
    - *säi Réck*
    - *säi Bauch*
    - *seng Schwammbox*
5. *De fäerdege Gelbrandkäfer kann net méi wuessen. Wéi grouss kann e ginn?*
    - *wéi eng 2-Cent-Mënz*
    - *wéi eng 2-Euro-Mënz*
    - *wéi ee 5-Euro-Schäin*
6. *Wou kënnen eis Weier-Schleeken de Sauerstoff hierhuelen?*
    - *aus der Loft*
    - *aus dem Waasser*
    - *aus dem Waasser an der Loft*

**däin Numm, ton nom, dein Name :**
**deng Adress, ton adresse, deine Adresse:**

**dein(e)** 